

M. Dan Kersch (LSAP) | Ech ka mat deem, wat den Här Roth elo grad gesot huet, total averstane sinn.

An: „Ehre, wem Ehre gebührt.“ Ech wëll just soen, dass den Här Halsdorf deemools a senger Fonctioun als Inneminister ganz vill Drock aus deem doten Dossier erausgeholl huet, andeems en de maximale Präis fixéiert huet, soudass och eng ganz Rei Gemengeguer net méi nom Käschtedeckungsprinzip funktionéieren. Do ass ganz vill Drock erausgeholl ginn, an dofir verstinn ech ...

M. Fernand Etgen, Président | Jo.

M. Dan Kersch (LSAP) | ... déi haiteg Diskussioun éierlech gesot net. Ech mengen, mir hätten haut sollen driwwer schwätzen, wéi mer d'Waasserqualitéit zu Lëtzebuerg verbessern, a mir lande schlussendlech erëm an enger leideger Präisdiskussioun, déi mer am Fong och schonn hei iwwerstanen haten.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kersch.

(Interruption)

Da freet den Här Aly Kaes eng allerleschte Kéier d'Wuert.

Plusieurs voix | A!

M. Aly Kaes (CSV) | Ech wëll dann awer dem Här Kersch soen: Och wa mer e Plafonnage maache vum Waasser, da bleiwen d'Käschten identesch déi selwecht! Wa mer dann och nach higinn, mir hate souguer ee Moment e Modell, oder mir hunn e Modell, wou gesot ginn ass: „Dat gëtt net berücksichtegt tëschent den Dierfer!“ Jo, et ass einfach: Mir réckelen d'Dierfer einfach fest zesummen! An alles dat, wat dertëscht läit, wie bezitt dat? Natierlech d'Gemeng. Natierlech d'Gemeng! An dat bleift un der Gemeng hänken. A wann Dir mir erkläert ...

A grad den Här Kersch, muss ech awer soen! Ech wëll och déi Béchs elo net hei opmaachen, well dat ass nach vill méi ongerecht! Dat ass dat: Ech wëll just drun erënneren, bei der Gemegefinanzreform ass genau dat eenzegt Element, wat där doter Richtung e weénege entgéintgewierkt huet, erausgeholl ginn, nämlech d'Fläch gëtt net méi berücksichtegt an et gëtt nach just de Bierger berücksichtegt, dat heescht d'Persoun. An domadder huet eng extreem grouss Gemeng wéi d'Gemeng Wëntger – ech schwätze mol vun där gréisster, déi d'Land huet, d'Gemeng Wëntger – nach vill méi Problemer, fir d'Enner zesummenzekeréien. Sou, elo soen ech näischt méi, Här ...

Une voix | Très bien!

(Brouhaha général)

M. Dan Kersch (LSAP) | Frot emol den Här Mischo, wéi e seng Sportshal géif bezuelen, wann d'Gemegefinanzreform net komm wier.

Une voix | Oh là là!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmoos.

Une voix | Oh là là!

Une autre voix | O wéi bëlle!

M. Fernand Etgen, Président | Ech mengen, da komme mer elo zum Vott ...

La même voix | O wéi bëlle!

(Brouhaha général)

M. Fernand Etgen, Président | ... vun dëser Motioun an diskutéieren duerno de Sujet vum Waasserpräis an der Kommissioun weider. Mir kommen elo zum Vott vun der Motioun.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun ass bei 24 Jo-Stëmme géint 33 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen ofgeleent.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Diane Adehm), Paul Galle, Léon Gloden, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Martine Hansen), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Jean-Marie Halsdorf ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

5. 8116 – Projet de loi modifiant la loi modifiée du 23 décembre 2016 instituant un régime d'aides pour la promotion de la durabilité, de l'utilisation rationnelle de l'énergie et des énergies renouvelables dans le domaine du logement

Mir kommen elo zum Projet de loi 8116 iwwert d'Bäihëlfe, fir d'energeetesche Renovatioun an Transitioun ze promovéieren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorerabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice | Merci, Här President. Ech schwätzen elo guer net vum Waasser, mee vun den erneierbaren Energien am Beräich vum Logement.

Mat dësem Projet de loi, dem 8116, komme mer zréck op dat modifizéiert Gesetz vum 23. Dezember 2016, mat deem mer en Ënnerstützungsregimm fir déi rational Notzung vun der Energie a fir den Ausbau vun den erneierbaren Energien am Beräich vum Logement agefouert haten. Am Mäerz vun dësem Joer goufen dës Aidë schonn eemol no uewen ugepasst an och méi breed opgestallt. An haut geet et drëms, enger Decisioun aus dem Tripartite-Accord gerecht ze ginn an d'Moosnamen nach weider ze verstärken.

D'Zil besteet doran, déi energeetesche Sanéierungen a Renovatiounsaarbechten am Beräich vum Logement nach e Krack ze beschleunegen an d'Energietransitioun op déi Manéier an deem Beräich ze féideren. Hei ass et wichteg ze betounen, dass de Plan national énergie climat, de PNEC, en ambitiöuse Renovatiounstaux vun 3 % am Joer um Niveau vum Bâtiment

virgesäit an domat och d'Verbesserung vun der energeetescher Effikassitéit an deem Beräich.

Dat bedeit, dass dësse Projet de loi, wéi vill anerer iwwregens, sech net nëmmen an den Tripartite-Accord aschreift, mee och an de Kader vum PNEC. Méi speziell handelt et sech éischtens ëm d'Erhéijung vum Bonus, deem ausbezuelt gëtt, wann e Menage eng al Chaudière, déi op Basis vu fossillen Energie funktionéiert, duerch eng Chaudière ersetzt, déi mat erneierbarer Energie bedriwwen gëtt; hei schwätzt ee vum „bonus de remplacement“. An deem Fall gëtt de Bonus vun 30 % op 50 % eropgeschrafft am Fall, wou d'Installatioun tëscht dem 1. November 2022 an dem 31. Dezember 2023 bestallt ginn ass oder bestallt gëtt. D'Rechnung muss spéitstens den 31. Dezember 2025 etabléiert sinn.

Renforcéiert ginn zweetens dann och déi finanziell Hëllef fir Fotovoltaikanlagen a fir déi energeetesche Renovatioun am Beräich vum Logement. Hei gëtt e Supplement vu 25 % op de besteende finanziellen Hëllef mam Numm „Klimabonus“ agefouert, dëst ënner der Konditioun, dass den Demandeur sech engagéiert, seng Installatioun entweder am Modus vun der Autoconsommation oder innerhalb vun enger energeetescher Communautéit, zum Beispill enger Kooperativ, lafen ze loossen. Mat dëser Erhéijung gëtt dann och de finanzielle Plaffong vu 50 % op 62,5 % vun den effektive Käschte vun der Installatioun eropgesat. Fir eligibel ze sinn, muss d'Anlag tëscht dem 1. Januar 2023 an dem 31. Dezember 2023 bestallt ginn an d'Rechnung muss hei spéitstens den 31. Dezember 2025 virleien.

Déi drëtt Dispositioun betrëfft den energeeteschen Assainissement vun enger Wunneng. Eligibel sinn hei engersäits d'Konstruktiounselementer, déi gebraucht ginn, fir eng thermesch Isolatioun ze realiséieren, an anerersäits d'Elementer, déi fir d'Mise en place vun enger kontrolléierter mechanischer Ventilatioun noutwendeg sinn. Bei dësem Volet gesäit de Projet de loi vir, dass de Klimabonus mat zousätzleche 25 % verstärkt gëtt. De finanzielle Plaffong gëtt hei vun den aktuelle 50 % op zukünfteg 62,5 % vun den effektive Käschten eropgesat.

Déi éischt Demande, fir en Accord de principe fir dës Subsidien am Virfeld ze kréien, muss tëscht dem 1. Januar 2022 an dem 31. Dezember 2023 eragereecht ginn oder eragereecht gi sinn, während d'Rechnung spéitstens den 31. Dezember 2025 muss virleien.

Entsprechend dëse Moosname gëtt de Règlement grand-ducal vum 7. Abrëll 2022 mat den Ausféierungsbestëmmunge vum Gesetz modifizéiert. Wichteg ass hei ze bemerken, dass de virgenannten Dispositiounen, dass och eng weider Moosnam geplangt ass: Se besteet doraus, dass eng Installatioun, déi de Stockage vun der produziierter Elektrizitéit erméiglecht, och fir Fotovoltaik-Aiden eligibel gëtt. Dës Volet wäert iwwert d'Modifizéierung vum genannte Règlement grand-ducal geregelt ginn, an d'Konditioun, déi dofir erfüllt muss ginn, ass déi, dass dës Installatioun zur gläicher Zäit wéi d'Fotovoltaikanlag installéiert gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, domat hunn ech den Inhalt vun dësem Projet de loi schonn integral virgestallt a kommen nach kuerz zu den zwee Avisen, déi zu dësem Projet de loi erakoumen.

Deen éischte staamt vum Staatsrot, dee keng Objection formuléiert huet, wuel wëssend, dass et sech hei ëm eng Dispositioun oder ëm Dispositiounen handelt, déi scho bei hirer Aféierung vum Staatsrot deemools guttgeheescht gi waren. Am Projet de loi vun haut geet et, wéi gesot, just drëms, dës Moosnamen ze verstärken, wat beim Staatsrot keen Ulass zur Kritik ginn huet.

Den zweeten Avis kouw vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, déi och näischt un dësem Projet de loi aussetzen hat.

Deposéiert gouf en den 8. Dezember 2022 vun der Ëmweltministesch Joëlle Welfring, an nodeems mer an der Kommissioun eemol iwwert de Projet geschwat hunn, eis ausgetosch hunn, huet d'Kommissioun mä Rapport den 20. Dezember 2022 majoritär ugeholl.

Domat wär ech schonn um Schluss a gi ganz gären den Accord vun der grénger Fraktioun, déi dës Richtung voll a ganz ënnerstëtzt. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Rapportrice Josée Lorsché.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Gilles Roth ageschriwwen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Merci, Här President. Ech soen der Rapportrice, dem Josée Lorsché, villmools Merci fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Mir ënnerstëtzen dat hei. Mir fannen, dass dat an déi richteg Richtung geet.

Fir eis ass de Wee vun der Energietransitioun, souwuel wat d'Betriber wéi och wat hei déi privat Menagen ubelaangt, deen, fir d'Leit mat an d'Boot ze huelen an duerfir och déi Ënnerstëtzen ze ginn. Ech weess, dass dat eng Rei finanziell Mëttele vum Staat verlaangt. Et sinn awer d'Mëttele vun der Allgemengheet fir eng Zilsetzung, déi mir och zu 100 % deelen!

Den zweete Punkt ass deen, dass mer awer net wëllen, dass entre-temps fir déi Leit, déi net vun haut op muer kënnen op eng Wärmepompe ëmklammen, net eng gewësse Stigmatisatioun kënnt, well mir musse wëssen, dass 59.000 Stéit hei am Land nach aleng mat Masutt hëtzen, an déi kënnen dat, besonnesch am ländlechen Raum, net vun haut op muer maachen. Well och mat deene Subventionen, déi hei bezuelt ginn, mat soziale Subventionen, déi gegebenefalls jo nach kënnen zousätzlech bezuelt ginn, ass dat net ëmmer fir d'Leit finanziell maachbar.

An en drëtte Punkt, dee mer wëlle soen: Jo zu deene verstärkte Subsidien, mee mir wëllen och, dass déi einfach, fair an onbürokratesch kënnen ausbezahlt ginn, an dass d'Leit net mussen ze laang op d'Ausbezuule vun deene Subsidien an der Praxis waarden.

Dat gesot, stëmme mer dat Gesetz hei mat.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Roth. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

M. Gilles Baum (DP) | Merci. Merci fir d'Wuert, Här President. Fir d'éischt e grouss Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Lorsché, déi eis dat ganz pedagogesch a ganz in extenso erkläert huet. Merci hir fir de schrëftlechen a mündleche Rapport.

Wéi gesot, hei ass eng vun de Mesuren, déi festgehale gi waren am Accord Tripartite an déi och hiren Néierschlag am PNEC fannen. Fir eis als Demokratesch Partei ass et natierlech evident, dass mer trotz der Energiekris, oder et misst ee soen, grad wéinst der Energiekris, déi energeetesche Transitioun musse weider virundreiwen.

Déi héich Energiepräisser si fir eng Rei Leit och den Ureiz, fir sech Gedanken ze maachen, fir hiren eegene Strom ze produzéieren, hiert Haus besser ze isoléieren oder hir al Masutts- oder Gasheizung erauszugehen an duerch eng Pelletsheizung respektiv eng Wärmepompe auszetauschen.

An et ass wichteg, dass mir an der Politik déi positiv Dynamik ënnerstëtzen, déi d'Leit weider encouragéiert, op dëse Wee ze goen. An dofir kënne mir als Demokratesch Partei dëse Gesetzesprojekt an déi hei drunhängend Hëlfelefen natierlech nëmmen ënnerstëtzen; Hëlfelefen, déi, wéi d'Madamm Lorsché et erkläert huet, no uewen ugepasst ginn.

Erneierbar Energien, dat ass net nëmme gutt fir de Klima, mee dat ass och gutt fir de Portmonni, an dowéinst ass et och wichteg, dass mer derfir suergen, dass esou vill Leit wéi méiglech och dovunner kënne profitéieren. An dofir wéilt ech eng Lanz brieche heibannen, Dir hutt et an aneren Dossieren, och am Kader vun der Budgetsdebatte gesot: Mir mussen a verschiddenen Theemefelder d'Leit nach besser informéieren iwwert déi Hëlfelefen, déi se effektiv kënnen zegutt hunn. Ech mengen, et ass do wichteg, dass mer Efforte maachen, fir d'Leit weiderhin nach besser ze informéieren.

Nei ass hei an deem Projet, dass och d'Batterien, fir de Solarstrom ze späicheren, subventionéiert ginn, wann d'Fotovoltaikanlag fir d'Ëegeconsumatioun installéiert gëtt. Dat ass an eisen Aen e ganz sënnavolle Schratt, vu dass déi erneierbar Energie bekanntlech relativ volatil sinn an et dowéinst och an Zukunft schwéier wäert bleiwen, fir de Stockage vum grénge Strom sécherstellen. An dofir ass et gutt, dass och an déi do Richtung investéiert gëtt.

D'Dispositiounen vum dësem Gesetzestext sinn zäitlech begrenzt a gëllen och nëmme fir déi nei PV-Anlagen. Et wär also net vu Muttwëll, sech Gedanken ze maachen, fir e generelle Subsid anzeféiere fir de Stockage vum erneierbaren Energien, fir dat nach virunzedreiwen, och fir déi Leit, déi doheem norüste wëllen.

Voilà, ceci étant dit, ginn ech natierlech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Gesetz.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Baum. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. Ech kann et vill méi kuerz maachen, well d'Kollege virdu schonn dat Weesentlech gesot hunn. Ech soe selbstverständlech der Madamm Lorsché villmools Merci fir hir ganz gutt Rapporten, an deenen alles dran ass, wat ee muss wëssen.

Et ass jo net esou, wéi wa mer de Krich an der Ukrain gebraucht hätten, fir dass mer géife mierken, dass d'Mënscheit déi ökologesche Transitioun muss fäerdegbréngen, mee et ass awer, mengen ech, och esou, dass duerch dee Krich ville Leit déi Urgence vum där Transitioun méi bewosst ginn ass.

Mat deem Gesetz hei komme mir eise politeschen Zil e gutt Stéck méi no, dass de Choix vum den erneierbaren Energie fir all Mënsch hei am Land muss accessibel ginn. Et muss een awer soen: Et läit do nach en déckte Stéck Aarbecht virun eis, wa mir wëlle méi op erneierbar Energie setzen a manner ofhängeg gi vum Energieimporteur aus dem Ausland.

18 %, mengen ech, vum eise Stromverbrauch ginn den Ament duerch Eegeproduktioun assuréiert – den Här Energieminister korrigéiert mech, wann ech hei Zuelen nennen, déi net méi aktuell wieren –, vum deenen 18 % si 15 % grénge Strom an déi aner 3 % si Strom aus Quellen, déi eigentlech net erneierbar sinn. De ganze Rescht vum eiser Energie, dee musse mer importéieren.

Wann ee sech déi rezent Entwécklungen ukuckt, da gesäit een allerdéngs och, dass mir eis awer an déi

richteg Richtung beweegen: Tëscht Juli 2021 a Juli 2022 ass d'Unzuel vu Fotovoltaikanlagen am Land ëm ganzer 6 % geklommen a läit elo bei ronn 9.200 där Anlagen. Dobäi hu mir zu Lëtzebuerg och 19 gréisser Fotovoltaikzentralen, déi allkéiers Strom produziéieren kënne fir eng 400 bis 900 Stéit. 11 weider där Fotovoltaikzentrale sinn nach an der Maach.

Mat dësem Gesetz ënnerstëtze mir also déi doten Dynamik, an dofir ginn ech och ganz gären den Accord am Numm vum der LSAP-Fraktioun zu dësem Text. An ech géif mech och nach eng Kéier dem Wunsch vum Här Roth uschlëssen, dass mer wierklech alles drusetze fir ze kucken, dass déi Hëlfelefen, déi mer de Leit versprochen, sou séier wéi méiglech ukommen. Ech weess, dass d'Regierung do elo amgaangen ass, grouss Efforten ze maachen, mee alleguerten déi Leit, déi bauen oder déi transforméieren – Dir wësst alleguerten, wat dat am Moment kascht –, déi si warscheinlech zum Deel souguer dorop ugewisen, dass déi Subsidie séier kommen. Dofir wäerte mer Iech an all deene Mesuren ënnerstëtzen, déi Der kënnt huelen, fir dass dat méi séier soll goen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo. Villmools merci, Här President. An och merci der Madamm Lorsché fir hire Rapport.

Et ass esou, dass den Här Cruchten an den Här Roth eppes gesot hunn, deem ech mech och direkt wëll uschlëssen, dass ass, wat d'Delaie vum der Remboursementen ueegt. Ech mengen, mir hate schonn dacks beim Staat esou Situatiounen, dass mer Réckstänn hatten, an dann ass et awer ëmmer méiglech gewiescht, Leit ze engagéieren, och kuerzfristeg, an déi ze forméieren, fir esou Réckstänn opzeschaffen. Ech hunn héieren, dat géif och zum Deel gemaach ginn, mee ech wär wierklech frou, Här Minister, wann d'Regierung do elo alles géif maachen, well et ass genau esou, wéi den Här Cruchten elo gesot huet: D'Leit sinn dorobber ugewisen a mir kënnen eis do Delaien net erlaben!

Wat elo hei dat Gesetz ueegt, do si vläicht zwou Saachen ze soe vum eiser Säit: Dat éischt ass, mir wëlle keng Benodeelegung vu Leit, déi fossill Energien hunn. Et gëtt Plazen oder Haiser, wou dat iwwerhaupt net méiglech ass, hir Heizungen ëmzerüsten. Mir wëllen net, dass déi Leit iergendwéi benodeelegt ginn. Mir ënnerstëtzen eng fräiwëlleg Transitioun op déi aner Energiequellen, déi erneierbar Energien, wéi se hei ugeduecht sinn, mir wëllen awer keng Benodeelegung vum Haiser oder vu Leit, vu Wunnegéigenden zum Deel, wa se a verschiddene Gebitter leien, wou dat eeben aus verschiddene Grënn net méiglech ass.

Dat Zweet, wat mer wëlle soen, dass ass awer, dass mer Zweifel hunn, wat déi Pellets ueegt, déi Chaudière à bois. Mir hate virun e puer Deeg heiriwwer geschwat, den Här Keup hat, mengen ech, eng Heure d'actualité doriwwer gefrot oder eng Question élargie, an do hate mer och zum Beispill gefrot – ech huelen un, Dir bréngt eis haut d'Äntwert mat –, wat da mat deenen Äsche geschitt. Ech huelen un, Dir kënnt eis haut d'Äntwert soen op déi Fro.

Mee et ass esou: Den Här Benoy hat a senger Interventioun virdu eng Question élargie gestallt iwwert d'Biodiversitéit, an do ass och nach eng Kéier gesot ginn, dass Ofholzen e schlechte Wee ass an dass dat och der Biodiversitéit schuet, a mir wësse bei de Pellets, dass ass leider net esou einfach, dass een einfach e Bam erëm uplant wéi een, dee gefält gëtt, oder wann do Holz aus de Bëscher erausgeschleeft gëtt, dass huet eng ganz Rei negativ ökologesche Konsequenzen, an dowéinst hu mir Zweifel – zum Deel

ginn déi Pellets jo och aus Kanada bruecht oder aus Géigenden, déi wäit ewech sinn –, do ass sécher keng positiv Kuelendioxidbilanz dran an dofir muss een effektiv déi do Manéier ze hëtzen hannerfroen!

Gutt, mir hunn dat awer elo an deem Tripartite-Accord hei matageschloss. D'ADR huet gesot, datt se dat ënnerstëtzt, fir all Schued vun de Konsequenze vun där Sanktiounspolitik vun de Leit a vun den Entrepreneuren ewechzehalen. Mir droen dowéinst och dëst Gesetz mat, awer, wéi gesot, mat deenen dräi Bemerkungen: Delaie bei de Remboursementer, keng Diskriminéierung vu Leit, déi mat fossillen Energiequellen hëtzen an, wéi gesot, eng kritesch Distanz zu de Pellets.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti. Madamm Cecchetti, Dir hutt d'Wuert.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Här President, mir gi scho säit Joren ze bedenken, datt d'Subventionen fir energieetesche sinnvoll Investitiounen eleng net duerginn, fir den néidegen Tempo bei der Energietransitioun ze erreechen. Mir hu selbstverständlech kee Problem, wann de Staat Subventionen proposéiert, fir de Stéit bei der Renovatioun, dem Heizungswissel oder der Installatioun vun de Fotovoltaikanlagen ze hëllefen, mee grad an der aktueller onsécherer ekonomescher a sozialer Lag ginn d'Grenze vun deem Modell däitlech.

62,5 % Subventionstaux bei energieetesche Sanéierungen oder 50 % beim Wissel vun der Heizung si substanzuell, mee en Deel vum Invest bleift jo awer beim Stot hänken an nëmmen déijéineg, déi finanziell Sécherheet a Perspektiven hunn, maachen dësen Invest och. Stéit mat klengen a mëttlere Revenuen, déi och berufflech oft méi vulnerabel sinn, wäerten en Däiwel doen an elo an den nächste Méint grouss Uschafunge maachen. Déi kucken, einfach iwwert d'Ronnen ze kommen, an denke vun Dag zu Dag oder souguer vu Woch zu Woch.

De Premier huet jo beim État de la nation d'Perspektiv fir eng aner, méi sozial Form vu Finanzement vun esou Projeten ugeschwat, wou och Stéit mat klengen Revenuen en Invest schmackhaft gemaach kënnen kréien. Mir hu selwer scho méi oft esou e Modell proposéiert, an dat och net erfonnt, well esou Finanzierungsmodeller gëtt et a ville Länner a Regiounen scho laang a si hunn och do duerchaus Erfolleg. Nieft engem effentleche Finanzement an engem sozial gestaffelte Prêt spilt bei all deene Modeller awer och e proaktiven Encadrement duerch effentlech Stellen eng Roll: Stéit mussen opgesicht ginn, se mussen vermëttelt kréien, dass se kee Risiko droen a si mussen bei all Etapp vum Projet gehollef kréien.

Zu Lëtzebuerg schéngt et hei éischter de Contraire ze sinn, zumindest wann een der Associatioun vun den Energieberoder gleewe soll, déi administrativ Rigiditéit an ze streng Reglementer uprangeren, déi vill Projeten onméiglech maachen an domat eigentlech d'Energietransitioun ausbremsen.

Et ass natierlech ze verstoen, dass streng kontrolléiert muss ginn, besonnesch wann de Subventionsniveau esou héich ass wéi hei, mee fir eis weist dat awer och d'Limitt vun deem System, wéi mir en hei am Land scho säit Joren applizéieren, an dat ass een, deen energieetesche Investitiounen zu enger Saach fir d'Elitt mécht, fir Leit, déi en ekologescht Bewusstsein an an de meeschte Fäll och e Bankkonto hunn, fir sech dat kënnen ze finanzéieren. Dës Elitt ass och eng technokratesch, mat Ministeren un der Spëtzt, déi selwer sécherlech Freed hunn un der technescher Innovatioun an dem Energieberäich, déi sech selwer

fir d'technesch Detailer interesséieren, a grad dofir scheien all dës Stéit och manner do virdrun zrëck, sech mat Energieberoder a Beamten um Ministère ausereneezesetzen, déi alles am Detail nokucken an déi vläicht gréisstendeels selwer zu der genannter Elitt gehéieren.

Mir mussen also gutt oppassen, datt déi dote Froer ronderëm de Klimaschutz an d'Energietransitioun net ëmmer méi zu enger dreiwender Kraaft bei de wuesenden Inegalitéiten hei am Land ginn, well eppes steet fest: Säit Mäerz vun dësem Joer wësse mer, dass Investitiounen an Energieaspuerungen an an Erneuerbarer net just den Ausstouss vun Zäregas bremsen, mee och eis Resilienz stäerken, wann et, wéi aktuell, zu grousser Präisschwankunge bei de fossillen Energie kënn.

Wa mir awer just dës Resilienz op individueller Basis finanzéieren an dobäi déi Mënsche vergiessen, déi sech dës Resilienz och mat Hëllef leider net leeschte kënnen, da bleiwen déi Leit op der Streck. An dat ass wierklech net gutt an dat sinn déi Leit, déi am stäerkste vun den Effekter vun de Klimaverännerungen an de Präisexplosiounen betraff sinn, well se eeben och an Haiser wunnen, déi net uerdentlech sanéiert sinn. An dat ass einfach schued an dofir wier et wierklech gutt, wa mer kéinte sou e Finanzierungsmodell fannen, wou mer kéinte besser de Leit hëllefen a se wierklech mat der Hand huelen, fir datt vill méi séier eppes hei kéint geschéien.

Villmools merci fir d'Nolauschteren an awer och merci fir deen exzellente Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, da komme mer haut alt nach eng Kéier zu engem Projet, deen am Zesammenhang mam Tripartite-Accord 2.0 steet: Dës Kéier geet et dann ëm d'energieetesche Renovatiounen an d'Subsiden, déi de Staat de Leit derfir gëtt.

Fir 2023 kënnen déi Leit, déi eng Fotovoltaikanlag fir d'Eegeconsommation wëlle bauen, oder déi Leit, déi zesummen eng Gemeinschaftsanlag wëlle bauen, bis zu 62,5 % vun de Käschten a Subsiden erëmkreien, an och bei Pelletheizungen oder Wärmepompe kann ee bis zu 50 % kréien, an och fir nohaltege Ofwaassersystemer gëtt et dann Hëllef.

Ech mengen, dat alles geet och aus dem Rapport ervir, dee mer virdu presentéiert kruten, an dofir e grouss Merci un d'Rapporteur, fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Et ass also en Deel vum Tripartite-Accord 2.0 a gehéiert zum sougenannte „Klimabonus Wunnen“ derzou.

D'Mesuren u sech begrësse mir Piraten, mat vläicht enger Ausnam: der Pelletheizung. Ech mengen, jiddwerengem heibanne misst et awer mëttlerweil kloer sinn, datt Pelletheizungen net wierklech nohalteg sinn. Et bedeit also am Ëmkeerschloss, datt mer mat dësem Gesetz hei Suen aus dem Klimafong benotzen, fir eppes Netnohalteges ze finanzéieren. Mir Piraten mengen, datt dat e falscht Zeechen ass, d'Leit elo nach ze motivéieren, fir Pelletheizungen ze bauen, dofir denke mer, datt hei aner Léisunge misste fonnt ginn a mer éischter misste Subside gi fir Leit, déi vun enger Pelletheizung wëilten ewechkommen.

Et dierf ee jo net vergiessen, datt am Tripartite-Accord initial och Hëllef fir Leit, déi mat Pellets heizen, vergiess goufen, also datt et u sech och guer kee Bewusstsein gouf, datt d'Pelletheizungen nach sollten an Zukunft subventionéiert ginn, an elo op eemol dann

hu mer hei e Projet leien, deen d'Leit encouragéiere soll, Pelletheizungen ze bauen. Also, Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, ech sinn do dann awer e bësse verwirrt, wéi dat iergendwéi op eng gemeinsamen Linn soll kommen!

Mir mussen d'energieetesche Transitioun weider virundreiwen, mir mussen iwwerall do, wou ee kann eng PV-Anlag hunn, eng PV-Anlag bauen. Dofir mussen d'Leit déi Subsiden awer och kréien, well och do erëm: Wéi aus enger parlamentarescher Fro ervirgaangen ass, kruten all déi Leit, déi fir 2022 eng Demande de subside gemaach hate fir eng PV-Anlag, bis zu där Fro keen ee Subsid ausbezuelte. An der Moyenne, laut där nämmelecher Fro, dauert et 182 Deeg – dat ass relativ genau en halleft Joer! – bis eng Demande fir e Subsid bei de Fotovoltaikanlagen traitéiert ass. Dat dauert vill ze laang! Dat kascht d'Leit bei den aktuellen Zësen tëscht 600 an 800 Euro zousätzlech un Zësen – déi net subventionéiert sinn! –, wa se hir Installatioun mat engem Prêt virfinanzéieren.

Och dat gehéiert zur Realitéit! Dat heescht, mir maachen hei eppes fir déi Leit, déi entweeder d'Sue schonn um Kont hunn an et dofir maache kënnen, mee déi Leit, déi et mat engem Prêt prefinanzéieren, kënnen net vu 50 % oder 62,5 % profitéieren, mee u sech muss een do nach eng Kéier d'Zënsbelaaschtung ofrechnen.

Mir Piraten hunn et schonn oft op dëser Plaz gesot: Mir si fir d'Solarenergie, mir wëllen, datt iwwerall dohinner, wou et geet, eng Fotovoltaikanlag histoe kënn. Eise Programm huet dat gefuerdert an och d'Regierung huet dat jo an der Ried zur Lag vun der Natioun versprach. Mir hunn awer – an dat soen ech och hei net fir d'éischt – am Budget gesinn, datt dat fir 2023 nach net budgetiséiert ass an och net am Pluriannuel. Och do stellen ech mer dann d'Fro, wéi een dat iergendwéi op e gemeinsamen Nenner soll bréngen!

Mir brauchen nämlech erneierbar Energien, mir brauchen och ganz kloer dezentral Energien. Mir brauchen dofir e staarkt Handwerk, wat mer nëmmen erreechen, wa mer d'Karriär vum Handwerker méi valoriséieren an eise Schoulen, an hei muss an den Ae vun eis Piraten nach vill gemaach ginn, well all déi Anlagen, all déi Heizungen hei, déi baue mer net a mat Leit, déi just um Büro sëtzen!

(Interruption)

Mir brauchen d'Leit um Büro, fir datt d'Subside matzäiten ausbezuelte ginn, mee mir brauche virun allem awer och d'Handwerker, fir iwwerhaupt emol déi Anlagen ze installéieren. Well wat bréngt de gréisste Subsid an dat séierst Ausbezuelen, wa keen Handwerker do ass, deen den Anlag oder den Fassad neimaache kann?

Här President, dat heiten ass eng Mesure aus dem Tripartite-Accord, déi mer kënnen matdroen, natierlech ënnert der Konditioun, datt d'Leit hir Subsiden dann och an engem rasonablen Delai ausbezuelte kréien.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Energieminister Claude Turmes.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Här President, léif Deputéiert, ech si frou, dass mer hei esou e breede Konsens hu fir déi Moossnamen, déi mer hei maachen. Ech wëll och der Madamm Lorsché an och

hire Mataarbechter Merci soen, dass se dat alles esou gutt virbereet hunn an och esou schnell.

Also, déi Moosnamen, déi mer haut huelen, sollen nach eng Kéier e weideren Ureiz sinn, fir all déi Leit, déi wëllen – an ech betounen: déi wëllen! – ...

(Interruption)

... an eebe kënnen dozou iwwergoen, méi Energie oder manner Energie ze verbëtzen, doduerch datt se hir Haiser renovéieren an dann eeben vun de fossilen Energien aus dem Masutt a Gas, alen Anlagen, eriwerginn op erneierbar Energien an awer och bei d'Fotovoltaik.

An ech mengen, mäin Uleies ass, dat finanziell esou attraktiv wéi méiglech ze maachen, an dann handendrun hu mer dëst Joer och d'Klima-Agence opgestockt, wat och e puer vun Iech sech eng Kéier ukucke kann sinn. Mir hu bei der Klima-Agence méi Beroder, mir hunn eng Internetsäit, déi gutt gemaach ass, mir hunn och méi Energieberoder hei am Land, wéi mer der jee haten, well mer do och ëmmer elo weider Leit forméieren, a mir sinn och amgaangen, d'Handwierker ze zertifizéieren, fir datt si och selwer kënnen deelweis mathëllefen, d'Subsideformularen auszufüllen, soudass mer en Ëmfeld hunn, wat ëmmer méi attraktiv ass.

Wann ech nach ee Moment bei den Handwierker bleiwen: Mir sinn och amgaangen, mam Georges Engel, dem Aarbechtsminister, dee jo och hei ass, ze kucken, wéi mer elo och nach kuerzfristeg méi Formation-continuen ubidde kënnen, fir zum Beispill déi Honnerte Monteuren, déi mer hunn, déi bis elo Gas-a Masuttsheizung gemaach hunn, ze forméieren am Beräich vun de Wärmepumpelen. Do wäerte mer Iech Ufank vun nächste Joer och nei Initiativen an deem Beräich virleeden.

Et sinn hei eng Rei Froen opgeworf ginn, déi eng vum Här Cruchten mat de Batterien, also, et ass opgeworf ginn, dass d'Batterien elo just fir dëst Joer wieren: Dat stëmmt net, d'Batterie sinn allgemeng elo bis zu 50 % subventionéiert, wann een Autoconsummation mécht, an dat géllt net nëmme fir dëst Joer, mee dat géllt vu lo un insgesamt. An dat ass och eng bewosst Politik, fir dass mer eeben ëmmer méi Leit derzou kréien, de Stroum, dee se op hirem Daach produzéieren, och doheim ze notzen.

D'Madamm Cecchetti hat opgeworf, dass mer net géife genuch maache fir déi Leit, déi manner Revenuen hunn. Ech sinn domat net d'accord, well mir hunn iwwerhaapt fir all Leit hei am Land de Gaspräis gedeckelt, mir hunn de Stroumpreis stabiliséiert, mir ginn e Subsid fir Masutt, mir ginn e Subsid fir Pellets, mir ginn e Subsid fir Wärmenetzer, fir flëssegen Äerdgas, dat heescht: Mir hu keen hei am Land an der Keelt stoe gelooss, an duerfir ass et falsch ze behaupten ... – an do hunn ech jo nach net d'Erhéijung vun der Allocation de vie chère an esou weider erwänt –, dat heescht, ech weess net, ob et en anert Land gëtt, wou et esou vill Mesuré gëtt, grad och fir déi Leit, déi manner Revenuen hunn!

(Interruption)

A mir hunn net nëmme déi heite Primmen, mir hu jo och e Gesetz ënnerwee vum Henri Kox, wou et en Topup gëtt fir all déi Leit, déi d'Allocation de vie chère kréien: Déi kréien dann 100 %, wa se an déi dote Richtung ginn. Dofir fannen ech déi Ausso net richtig, déi Der gemaach hutt.

An dann, déi Fro un där mer schaffen, ass: Wéi kënnen mer organisatoren nach besser ginn, fir déi Leit och ze ënnerstëtzen? An eis Analys ass, dass mer dat wëlle mat de Gemengen zesumme maachen, well ech weess net, wéi dat géif goen, wann ech elo géif

ufänken, iwwert eng national Renovierungsgesellschaft nozedenken. Wéini hätt déi genuch Leit, fir dass déi Effeten hätt?

Mir wëllen dat an Zesummenaarbecht mat de Sozialämter maachen, déi vum Familljeministeschpersonal opgestockt ginn. Mir hunn och bei der Klima-Agence zwee weider Leit extra agestellt, fir eeben déi Leit, déi manner Revenuen hunn, ze beroden. A mir maache mat der Stad Déifferdeng elo en éischte Pilotprojet, wou mer eebe grad och dee sozialen Aspekt vill méi beliichte wäerten, fir eeben dann och mam Sozialamt vun der Stad Déifferdeng deene Leit quasi e Coaching ze ginn, wéi si och an hiren Haiser do weiderkommen. Ech weess, dass aner Gemengen do interesséiert sinn a menger Meinung no ass dat dee bessere Modell, well kee kennt d'Situation vun de Leit, déi net genuch Revenuen hunn, besser wéi d'Gemengen a wéi d'Sozialämter.

Vläicht dann nach e Wuert zu de Retarden: Ech mengen, mir sinn net fro doriwwer! Gutt, mir sinn eigentlech e bëssen d'Opfer vun eisem eegene Succès, et ass awer esou, dass d'Madamm Welfring sech elo duerchgesat huet, fir dass mer méi Personal kritt hu bei der Ëmweltverwaltung. Mir sinn och amgaangen, mam Digitalisierungsminister ze kucke, wéi mer do kënnen eeben och déi Formularen digitaliséieren. Dat heescht, mir sinn eis bewosst, dass mer do nach musse besser ginn, a mir schaffen all Dag do drun. Gutt.

An déi Behauptung do mat den Zësen an all deene Suen, gutt, dass ech déi Rechnung ... ech muss déi mol novollzéien. An da wier et och nach esou, Här Clement, dass et eng Klimabank gëtt an dass déi Leit, déi eng Renovatioun maachen oder eng Fotovoltaikanlag an esou weider, eligibel si bei der Klimabank, also do eng Zësbefraktatioun kënnen kréien an datt dann doduerch eeben och, wann dann do sollte Käschten entstoen, déi doriwwer ofgedeckt sinn.

E lescht Wuert zu de Pellets: Ech wiere mech dergéint, dass déi elo wierklech schlechtgeriet ginn. Déi Pellets, déi mir hei alt zu Lëtzebuerg notzen, déi sinn zu quasi 100 % aus der Groussregioun, mat wéineg Transport. Also déi, déi behaupten, dass hei Stämm, déi géifen ... Also, eng déck Eech an eng déck Buch, déi sinn esou vill wäert, dass guer kee sech ka leeschten, doraus Pellets ze maachen!

Dat heescht, dat si Behauptungen, déi esou net stëmmen. Do gëtt et vläicht e Manktum, dass dat net offensiv genuch kommunizéiert gëtt, an do si mer drun, och mat deenen, déi déi Pellets hei am Land maachen. Ech mengen, d'Pellets sinn net méi eis éischt Politik, d'Pellets sinn awer nach an enger Iwwergangsphas eng sënnavoll Moosnam an duerfir sinn ech och frou, dass mer deene Leit, déi Pellettheizungen hunn, och hëllefen; dat war och mäin Uleies. Natierlech ass eis éischt Prioritéit d'Renovéieren an dann duerno d'Eriwwergoen op Wärmenetzer oder op Wärmepumpelen, an ech mengen, dat ass d'Politik vu muer, an ech hoffen, dass mer allegueren zesummeschaffen, fir dat dote weiderhi virunzebréngen.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Energieminister Claude Turmes. An dann direkt Parole après ministre fir den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo. Merci, Här President. De Minister huet vun der Klimabank geschwat, ech ginn dervun aus, datt et sech ëm e Versprieche handelt an datt e vun der Subvention d'intérêt schwätzt, well no mengem Kenntnisstand gëtt et d'Klimabank an där Form net méi, déi gouf 2016 annoncéiert, déi ass awer duerch eeben d'Klima-Agence an hir Subventionen ersat ginn, es sei denn, ech wär elo komplett falsch informéiert.

Et ass awer esou, datt mer e puermol schonn nogefrot hunn, wéi et dann och mat deenen Zëssubventionen ausgesäit, a souguer d'Regierung, all eenzelne Ministère, deen domadder touchéiert ass, huet eis ëmmer geäntwert, datt d'Nofro dovunner awer relativ geréng ass.

Dofir wollt ech de Minister froen: Gesi mer dann an deene leschte Wochen a Méint, datt déi Subventionen méi ugefrot ginn, datt d'Banken d'Leit och méi an déi Richtung vun deene Subventionen drécken an déi deementspreechend dann och méi accordéiert ginn? Well déi lescht Jore goufen déi Subventionen éischter stiefmütterlech behandelt.

M. Claude Turmes, Ministère de l'Énergie | Also, ech mengen, et ass esou, dass déi Klimabank jo effektiv reforméiert ginn ass, a Richtung vun där Zëssubvention. Ech mengen, dat ass e System, dee relativ nei ass, an ech géif deem elo mol eng Chance ginn.

Merçi.

M. Fernand Etgen, Président | An da Parole après ministre fir d'Madamm Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo. Ech weess net, Här Turmes, firwat Dir esou rose gitt, wann een dat seet, well Dir sidd jo awer e ganz gescheite Mensch an ech mengen, Dir wësst ganz vum selwen och, datt all déi Suen, déi déi Leit elo kréien a Form vu Bails à loyer, a Form vun Energieprimmen an esou weider an esou fort nawell net duerg fir déi Leit, déi wierklech net vill verdéngen! Dat geet wierklech knapps duer, fir de Mount iwwert d'Ronnen ze kommen. Da kënnen mer jo awer net vun deene Leit verlaangen, datt se e Prêt op enger Bank maachen, wou se all Mount iwwer 600 Euro musse bezuele während fënnf Joer, fir sech da kënnen eng Wärmepompe ze leeschten, wou se da 50 % erëmkreien, wou se awer nach ëmmer 50 % musse bezuelen!

An dann: Wéini kréie se déi 50 % erëm? Dir wësst jo – Dir hutt jo selwer gesot –: Dir sidd a Retard mat deenen Ausbezielungen an da muss ee wëssen, ob d'Leit se dann iwwerhaapt kréien, well och déi ganz ..., dat ass jo alles relativ streng. Dat ass déi eng Saach, dat ass déi Saach vum Finanzéieren.

Déi aner Saach ass awer och, datt d'Leit Schwierigkeiten hunn, iwwerhaapt ze wëssen, wat se kënnen, dierfen oder ... Dat ass dat mat deem Se-mat-der-Hand-Huelen an ech mengen, am Ausland, a Frankräich notament, gëtt et wierklech Projeten, wou d'Leit vill méi mat der Hand geholl ginn, vun Ufank u bis zum Schluss. Ech mengen, Dir hutt jo selwer gesot, dat Der wëllt e Projet maachen, e Pilotprojet mat Déifferdeng – super, ech fannen dat wierklech immens gutt, mee dat ass dann eng Stad, an ier dee Pilotprojet ofgeschloss ass, ier aner Gemengen drukommen, dat dauert einfach alles vill ze vill laang!

Ech weess natierlech och, datt et capacitéisméisseg schwierig ass, vill Projete beieneen ze maachen, mee ech fäerte ganz, mir hunn déi Zäit awer net méi. D'Zäit leeft eis einfach fort, mir hunn d'Zäit net méi, esou laang ze waarden; dorëms geet et jo! A wa mir déi dote Leit net mat an d'Boot kréien, déi net d'Revenuen hunn, déi et net agesinn, well se einfach aner Suergen hunn – well se Suergen hunn, Iesse fir hir Kanner ze kafen oder fir sech selwer, well se Suergen hunn, den Transport ze bezuelen, well se musse mam Auto fueren – a mir déi net mat an d'Boot kréien, dann hu mer e Riseproblem, well déi Leit maachen awer e groussen Deel vun eiser Bevëlkerung aus!

Wa mir alleguer heibannen dat maachen, ass dat jo schéin a louabel an och wichteg, mee et geet awer net duer! An ech mengen, dat ass immens schued, wa mer Leit op der Streck verléieren, déi et sech op der

enger Säit einfach wierklech net leeschte kënnen an déi et op der anerer Säit och net richteg verstinn oder och net richteg wëssen, wat se iwwerhaupt solle maachen. Dat ass d'Kritik!

An ech mengen, et soll ee jo kënnen driwwer schwätzen an et soll een et einfach och besser maache fir d'Zukunft, sou gudd wéi méiglech, well mir kënnen et nëmmen alleguer zesummen erreechen. Mir kënnen hei am Land nëmmen alleguer zesummen dat Ewechkomme vun de fossillen Energien an eng erneierbar Zukunft erreechen!

Merci.

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Jo, merci, ech mengen, Dir sidd jo elo ganz nuanciéiert. Also, mir maachen dee Projet zu Déifferdeng a mir wäerten net ofwaarden, dass deen dräi, véier Joer leeft, ier dann aner Gemengen derbäikommen. Nee, ech mengen, et war elo mol einfach wichteg, dass mer e Modell entwéckelen, an dann, dass mer e Modell hunn, dee vun ënnen erop mat de Sozialämter a mat de Gemenge wiisst. An en attendant, dass mer do besser ginn, ass et jo awer net esou, dass déi Leit, déi manner Revenuen hunn, net anescht ersholle kreien. Dat ass just dat, wat ech wollt sécherstellen – net dass op eemol den Androck kënt, dass mer an engem Land géife liewen, wou mer ee géifen am Kale loosse!

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Turmes. Da Parole après ministre fir den Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Et deet mer leed – merci, Här President –, et deet mer leed fir de Minister. Ech mengen, et gött e bësse méi laang haut, an ech weess och net, ob ech dee Leschte sinn elo, mee ëmmerhin. Ech wollt froen, Här Minister: Mir hate jo d'lescht Woch eng Diskussioun iwwert d'Pellets hei an, ech mengen, den Här Keup hat jo do eng Question élargie gemaach a mir haten och doriwwer geschwat an zum Beispill och, datt den Transport misst agerechent ginn. Déi Doktrinn ass jo ëmmer: Fir ee Bam, dee gefält gött, gött en neien ugeplant. Bon, dat dauert alles seng Zäit, derbäi kënn den Transport, d'Eraushuelen aus dem Bësch. Mir hu vill Kriticken an der Tëschenzäit vu Fierschteren, vu Sylviculteuren an esou weider.

Ech wollt Iech och soen, wat deen ee Betrib ugeet, deen Dir ernimmt hutt, do gött et nach keng onofhängeg Zertifikatioun. Ech mengen, och doriwwer hate mer geschwat a mir haten déi Fro gestallt – ech hat Iech se haut och nach eng Kéier gestallt –, well wann ee vun alternativen Energië schwätzt, iwwerhaupt vun Energien, muss een déi ganz Chaîne vu ganz vir bis ganz hanner rechnen fir ze kucken, wéi ëmweltfrëndlech se dann elo sinn!

Dat göllt natierlech och fir déi alternativ Energien a fir d'Pellets, an dofir déi Fro och no den Äschen, an déi muss jo oftransportéiert ginn, a wéi se verwäert ginn. Ech mengen, dat muss ee schonn an där ganzer Chaîne vun der Pelletdiskussioun mat consideréieren. Ech weess net, ob Der eis haut kënn d'Äntwert ginn, mee mir hunn elo och muer erëm e Projet, wou mer och erëm iwwert d'Pellets schwätzen, a mir kënnen och muer nach gär eng Kéier dorobber zrëckkommen, wann Der haut d'Äntwert net hutt. Mee eis interesséiert eeben, datt mer vu vir bis hanner déi Energierechnung duerchhéieren, a wat einfach mat den Äsche geschitt, zum Beispill um Kierchbiere, wou jo ganz grouss Quantitéiten awer verbrannt ginn, an datt mer dat eeben einfach mol wëssen an och kënnen eventuell diskutéieren, wann dat eis net sollt ze friddestellen, wat am Abléck do geschitt.

Merci.

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Also, wann déi Pellets, déi zu Lëtzebuerg ... Also, ech géif soen, bal 100 % vun de Pellets ginn an enger Pelletfabrick um Rouscht gemaach, an d'Anzugsgebitt vun deenen hirem Holz ass d'Groussregioun. 10 % dovunner kënn vu Lëtzebuerg, de Gros kënn haut aus Rheinland-Pfalz. An dat sinn 250 Kilometer mam Camion, dat ass relativ wéineg, wann ech da mol dat vergläichen: Vu wou kënn eise Masutt? Vu wou kënn eise Gas? Do schwätze mer jo net vun Honnerte Kilometeren, do schwätze mer vun 1.000 Kilometer!

Duerfir, mengen ech, ass och d'Ökobilanz ... Also, d'Pellets, wou mer bei de Pellets mussen oppassen, dat ass eeben déi Notzung am Bësch, dass déi wichteg Hëlzer, an de Bau ginn, well wann ech mat Holz bauen, da stockéieren ech deen CO₂ nach vill méi laang, mee déi Ökobilanz vun de Pellets par rapport zu Gas oder Masutt a virun allem vum Verkéier, déi ass wäitass besser bei de Pellets wéi beim Masutt a beim Gas.

An ech sinn amgaangen, dat mat den Äschen nozefroen. Et ass esou: D'LuxEnergie, sou wéi jiddwereen, deen iergend e gréisseren industrielle Verbrennungsprozess huet, muss garantéieren, dass déi Äschen entsuergt ginn oder verwäert ginn. Also, wann Der mer erlaabt, da bréngen ech Iech déi Äntwert muer erëm mat.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ganz gär, merci!

M. Fernand Etgen, Président | Dann nach Parole après ministre fir den Här Jean-Paul Schaaf.

M. Jean-Paul Schaaf (CSV) | Jo. Just eng ganz kuerz Fro, well ech eng Präzisioun wollt hunn: De Minister huet virdru gesot, dass déi Aiden, déi elo hei decidéiert sinn, net just op d'Joer 2023 limitéiert wieren. Am Text steet awer dran, notament bei de Photovoltaïques en autoconsommation, dass d'Demande misst am Joer 2023 gemaach ginn, och wann d'Aarbechte respektiv d'Facturé kënn bis 2025 eragereecht ginn.

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Jo, dat ass ... Jo ...

M. Jean-Paul Schaaf (CSV) | Dir hutt virdru awer gesot: „Et ass net limitéiert op ee Joer.“ Duerfir, fir Kloerheet ze hunn, wollt ech do nach eng Kéier nofroen.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Claude Turmes, Ministre de l'Énergie | Also, merci nach eng Kéier fir déi Fro. Déi Topuppen, déi mer haut decidéiert hunn – also vu 50 % op 62,5 % bei der Renovéierung –, gëlle bis Enn 2024, bestallt an da geliwwert an deene Joren duerno, fir Fotovoltaik an hir Batterien dat selwecht, fir Wärmepumpen och idem. Et ass wierklech, kann ee soen, en Acceleratiounsprogramm, dee mer elo nach eng Kéier extra on top fir d'nächst Joer maachen.

Déi Remark vum Här Cruchten war, firwat d'Batterien net dann nach doriwwer och iwwerhaupt finanzéiert ginn, an do ass d'Äntwert, dass mer souwisou scho Batterien elo virgesinn hunn an hei eeben den Taux eropsetzen. Dat heescht, d'Batterie ginn dann nom 31. Dezember 2023 net méi zu 62,5 % weider finanzéiert, also subventionéiert, mee zu 50 %. Dat heescht, d'Batterie sinn och schonn änewee an deem Projet mat dran.

A villmools merci fir Är Froen, a muer kommen ech erëm!

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools dem Här Energieminister Claude Turmes. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8116. Den Text steet am Document parlementaire 8116³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8116 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Jean-Paul Schaaf) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Cécile Hemmen) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis (par Mme Myriam Cecchetti).

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

6. 7901 – Projet de loi portant modification :

1^o du Code du travail en vue de la transposition de la directive (UE) 2020/1057 du Parlement européen et du Conseil du 15 juillet 2020 établissant des règles spécifiques en ce qui concerne la directive 96/71/CE et la directive 2014/67/UE pour le détachement de conducteurs dans le secteur du transport routier et modifiant la directive 2006/22/CE quant aux exigences en matière de contrôle et le règlement (UE) n° 1024/2012 ;

2^o de certaines autres dispositions du Code du travail

De leschte Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7901 iwwert den Detachement vun de Camionschauffeuren.

D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Dan Kersch. Här Kersch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

M. Dan Kersch (LSAP), rapporteur | Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, opgrond vun der héijer Mobilitéit vun der Aarbechtskraaft am